ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

n° 3656

Här Fernand Etgen
President vun der
Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

REÇU
Par Alff Christian , 09:15, 17/02/2021

Mamer, de 17. Februar 2021

Här President,

sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Minister fir bannenzég Sécherheet an un den Här Bausseminister weiderzeleeden.

Zu Stroossen gouf beim ëmgebaute Logopedie-Zentrum en Heem war fir haaptsächlech männlech Asylbewerber ageriicht. Dëst Heem ass elo e puer Honnert Meter méi wäit op Nummer 293, Areler Strooss, an der Gemeng Lëtzebuerg geplënnert. An der Ëmgéigend vun dësen zwou Plaze si vill Geschäftsleit an hir Ugestallten opgereegt a besuergt. Si stellen deelweis privat Sécherheetspersonal an.

Mir ass an deem Kontext matgedeelt ginn, datt Policeasätz an den Heemer ganz heefeg sinn. Iwwerdeems géif et an där Géigend och zu heefege Policeasätz wéinst Déifstall an de Geschäfter kommen.

An deem Kontext wéilt ech der Regierung gär folgend Froe stellen:

1. Wéi ass d'Sécherheetssituatioun ëm a ronderëm dës Asylantenheemer?
2. Weist sech d'Police reegelméisseg op där Plaz? Wéi dacks ass dat circa pro Dag?
3. Wéi vill Asätz, wou e Protokoll erstallt ginn ass, hat d'Police am Joer 2020 beim an am ëmgebaute Logopedie-Zentrum?
4. Wéi vill Asätz, wou e Protokoll erstallt ginn ass, hat d'Police am Joer 2020 bei an an de Supermarchéen an Tankstellen zu Stroossen, déi am Stroossesegment vun Nummer 1 bis Nummer 14 op der Areler Strooss leien?
5. Wéi vill vun dëse Protokoller hunn Bewunner vun den Asylantenheemer betraff?
6. Wéi ass d'Opdeelung - der Nationalitéit no - vun dëse Persounen?
7. Wéi vill vun dësen Asätz sinn no bausse kommunizéiert ginn, also veröffentlecht ginn, a wéi vill net?

Mat déiwem Respekt,

Fred Keup
Deputéierten

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG

Dossier suivi par Christian Alff
Service des séances plénières et secrétariat général
Tél : 466.966.223
Fax : 466.966.210
e-mail : calff@chd.lu

Monsieur Marc Hansen
Ministre aux Relations avec le Parlement
Luxembourg

Luxembourg, le 17 février 2021

Objet : Question parlementaire n° 3656 du 17.02.2021 de Monsieur le Député Fred Keup - Sécurité autour du centre d'accueil pour demandeurs de protection internationale situé sur la route d'Arlon

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous communiquer par la présente la question parlementaire sous objet.

Je vous prie de bien vouloir me faire parvenir la réponse du Gouvernement dans le délai d'un mois afin que je puisse la faire publier avec la question au compte rendu.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments les plus distingués.

Fernand Etgen
Président de la Chambre des Députés